PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

D’Artikelen 39 a 44 vum Code de la Route lëschten d’Kategorie vun Autoen op, déi mat spezielle sonoren Anlagen a bloe Luuchten däerfen equipéiert ginn. Dorënner falen, ouni Iwwerraschung, d'Gefierer vun der groussherzoglecher Police. Wéi de Minister an der Äntwert op meng Fro n°1360 aus dem Joer 2019 schreift:

> *"Wéini, an ënner wat fir Bedéngungen dës Luuchten awer elo agesat kënne ginn ass kloer am Code de la Route beschriwwen, an zwar an dën Artikelën 2 an 139. Sou beseet d'Definitioun vum Service urgent (Art. 2, Punkt 5.10. vum Code de la Route), wéini d'blo Luuchten däerfen agesat ginn."*

Am Stroosseverkéier gesäit een heiansdo d'Autoe vum Gefaangenentransport mat bloe Luuchte fueren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. A wéi enge Situatiounen ass de Chauffeur vum Gefaangenentransport an enger Urgence an dierf mat bloe Luuchten an der Sireen fueren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten